


# D'Zauberwurscht

Während den Charly seng Zauberformel opseet, leet deen, deen ënnert dem Dësch verstoppt ass, eng Wurscht op den Dësch.De Charly leet d'Buch an an den Zauberstaw op den Stull. Hien huet d'Aen zou, an taascht sech zereck bis bäi den Desch.

Charly: Ech kucken nët, ech kucken nët! ( Hien schnuppert, den Geroch vun der Wurscht schengt him bis un d'Nues ze kommen. Hien spirt d'Wurscht ënnert sengen Fangeren an déet Kreesch:

Charly: Ee Wurtchen! Ee Wurtchen! op mengem Teller. Ech kann zauberen. Ee Wurtchen.! ( Hien beckt sech iwert den Teller an schnoffelt den Geroch) Herrlech! Himmlech!

Den August kënnt vu rechts, hien huet dem Mausi sein Dëppen ënnert dem Arm, stellt d'Dëppen op den Buedem.Hien steet wéi ugewurzelt, d'Hänn an den Täschen vun der Box, déi him natiirlech vill ze grouss ass. Heiandsdo zitt hien d'Box héich, datt een d'Sëckercher drënner gesäit.

Soteen

De Charly huet den August nët gesin, an fiirt un sengem Menu weider. Zu sech selwer:

Charly: Charly, Charly, wéi schmaacht ee Wurtchen ouni Moschtert!!Iwerhapt nët!!! Hien muss laachen iwert sech selwer. ..Ee Wurtchen ouni Moschtert!!! Hien rësselt den Kapp. . ....Charly, Charly, du kanns jo zauberen!...Hien bliedert am Buch...Moschtert, Moschtert, an dann gudden Appetit!!.. Den August wenkt..jo..mam Kapp a seet...merci.., wéi wann et fir hien gemengt gewierscht wär.

De Charly setzt sech op den lenksen Stull, bliedert an zielt d'Säiten. Den August setzt sech gemittlech op den rechtsen Stull. an ësst an aller Gemittsrou den Wurschtchen. De Charly sicht nach ëmmer am Buch.

Charly: Moschtert, Moschtert, Punaissen, Schwarz Seef, Paap, Knallierbessen, Handgranaten...Ma, Hackerstiwel! Lächer an den Zänn hun ech genug, ech wëll keng Handgranaten op mengem Wurtchen. Ech wëll Moschtert...Moschte Wou ass den Moschtert? 999999 Zaubersprëch.. an keen fir moschtert. Charly, dann iess dein Wurtchen ouni Moschtert!

August: Ouni Moschtert!

Charly! entdeckt den August. ..August, a wou kënns du dann hir? Ween hat gesot, du solls dech u mein Desch sëtzen? Sprengt op. Mei Wurtchen! Mein Wurtchen ass fort! August, hues du mein Wurtchen... De Charly kënnt sech es nët zou.

Den August knat nach.

De Charly kräischt bal:

Charly: Mein allerguttsten Wurtchen. August, du hues mein léiwen klengen Wurtchen gefriess.. du hues en ongenéiert geknat an erofgeschleckt. Mein Wurtchen! Hien geet op den August dur.

Den August schleckt de leschte Maufel schnell of.

A6-39

## D! ZAUBERWURSCHT!

(Op der Bühn steet een Dësch, dorop en Dëschenduch, dat bis op den Buedem reecht. Ënnert dem Dësch sëtzt ee Matspiller, selbstverständlech ganz durch d'Dëschenduch verstoppt. N iewt dem Dësch, rechts a lenks e Stull. Op deem lenksen Stull leien den Zauberstaw an d'Zauberbuch, niewt deem rechtsen Stull steet eng Valise.)

Den Charly zitt d'Dëschenduch riicht. Et héiert een e Kaméidi, wéi wann dem Charly sein Bauch gegrommelt hätt. ..Oh,oh!..Hien hält sech de Bauch un, kuckt ronderëmmer,ass berouegt, datt keen dat Gegrommels héieren huet. Aus senger Valise hëlt hien een Teller,an setzt en theatralech op den Dësch. Duerno geet hien zereck an seng Valise wullen, bis hien sein Messer an seng Forchette fonnt huet.Sein Mo grommelt eng zweeten Kéier...Oh,lala, pst,pst... Hien kuckt ronderëm, op keen eppes gemiirkt huet.Mecht d'Valise zou, leet d' Forchette an d'Messer niewt den Teller; kuckt iwert den Dësch, fir sech ze vergewësseren, datt näischt feelt. Hien miirkt, datt hien d'Glas vergiess huet. Hien laacht iwert seng Vergësserlechkeet. , mëcht d'Valise op, an wullt bis hien ee Glas fonnt huet.Sein Bauch rabbelt ganz haart. Fir den Kaméidi ze iwertéinen, sengt hien e Liddchen, kuckt awer ronderëm, op een eppes gemiirkt huet. Hien setzt och d'Glas op den Dësch, probéiert mat Messer an Forchette, op hien alles richteg am Grëff huet.

Endlech ergräift hien d'Zauberbuch, dréit et andächteg op den Dësch, geet den Zauberstaw sichen, an dréit deen grat sou fäierlech op den Dësch.Des Kéier rabbelt sein Bauch nach méi haart, hien kuckt dorëmmer an geseit den Publikum.. .Oh! Oh, pardon! Hien krëmmt sech vun Verléenheet. Hien bliedert wéi rosen am Zauberbuch an zielt d'Säiten..99..532..679.. II785asw ...Endlech ass hien op der richteger Säit ukom.Hien ergreiwt den Zauberstaw, weist en den Leit, teckt sech domat widdert den Kapp. Et klengt ganz huel. Hien wëll mam Zauberstaw op d'Buch schloen an miirkt, datt hien seng Servéit vergiess huet. Hien leet alles zereck op den Dësch an rennt opgeregt an seng Valise. Hien zitt eng riiseg Servéit eraus, an streckt sech se ëm den Hals.Hien probéiert nach eng Kéier mat Messer a Forchette, et ass endlech alles an der Räi.Hien ergräift den Zauberstaw, stellt sech virun den Dësch, an récitéiert mat héiger Stemm: hell Stëmm

> Klaabes..Klaabes
> Beileiwe keen Kaabes.
> Hatchidu an hatchida
> Decken Damp an d'A.
> Hokuspokus, net gefuscht,
> Op den Teller, flang eng Wurscht!

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN
"LGS"

Charly: August, stéi op!

Den August hiewt sech a steet do wéi e Sak.

Charly: Strof muss sin! Mei Wurtchen!

Hien bliedert kurz an sengem Buch, grommelt onverständlech Wierder. Hien hëlt den Zauberstaw an geet bei den August. Mat dem Zauberstaw skizzéiert hien den Wee vun den Socketten vun den Féiss bis un d'Ärem.

An eent..an zwee!

Hien greift an deen rechtsen, dann an deen lenksen Arem, an zitt aus jidfer Arm eng Sockett eraus.

August: Oh!..Oh! ...Hien ass ganz verwonnert. Hien zitt d'Boxebeen erop, an huet keng Socketten méi un. Deen ënnert dem Desch hat him d'Socketten ausgedoen. Een zweet Puer vun derselweschter Faarw hat den August an seng Ärem gestach. Den August léisst erféiert d'Boxebeen eroffalen.

De Charly hält d'Stremp, déi riiseg Lächer hun, mat zwee Fangeren an d'Lut, an léisst se op den Buedem falen.

Charly: Wéi stees du elo do! Ouni Strëmp! Blaméiert! Mein Wurtchen ze klauen! Mein Wurtchen!

Den August hiewt d'Strëmp vum Buedem op.

August: Mat iech hun ech nach ee Wiirtchen ze schwätzen. Einfach ze verschwannen! Wart wann mir heem kommen, är schéin Zäit ass ee fir allemol eriwer. Wat iech elo dräi Joer nët passéiert ass, ...den Owend geschitt et... jo, nach haut den owend... an d'Waasser git dir gestach, ...an d'Waasser! Hien stëcht d'Strëmp ënnert sein Hut, an setzt sech deen fest op den Kapp. Sou, do kommt dir mir nët méi eraus!

richo

Den Charly reiwt sech d'Hänn an grinst . Hien hëlt dem Mausi sein Dëppen ënnert den Arem. Mecht den Deckel erof........

Den August iwert dem Fortgoen:

August: An d'Waasser! Hackerstiwel!!